

Jo zum Asylrecht – nee zu enger massiver Immigratioun aus wirtschaftlesche Grënn!

Mat grousser Suerg gesäit d'ADR d'Entwécklungen rondrëm déi massiv Immigratioun, mat där Europa aktuell confrontéiert ass. Si kann net erkennen, datt déi aktuell blo-rout-gréng Regierung kloer Konzepter an där Fro hätt, ausser datt si ganz vill Leit wëll ophuelen a gläichzäiteg fir Verdeelungsquoten op EU-Niveau antrëtt. D'ADR hält et dowéinst fir wichtig, hir Positiounen an dësem Beräich kloer duerzestellen.

- **D'ADR ass och an dësem wichtege Beräich déi eenzeg Partei, déi kloer Alternativen zu der Politik vun der Regierung huet.**

D'ADR bedauert, datt d'Regierung, an enger Zäit wou Lëtzebuerg d'Présidence vum EU-Conseil exercéiert, net capabel ass, eege Konzepter an der Migratiounsproblematik ze entwéckelen an déi op europäeschem Niveau ze proposéieren, mee haaptsächlech op méiglech Initiativen vun der Europäescher Kommissioun verweist an op déi waard. Déi puer Reuniounen op Ministerniveau oder ënner Spezialisten, déi an dene nächste Woche virgesi sinn, goufe praktesch all vun anere Länner ugefrot an net vun der Lëtzebuerger Présidence initiéiert.

- **An den Aen vun der ADR wäer et absolut noutwenneg, kuerzfristeg en europäesche Sommet, also eng Reunioun vun de Staats- a Regierungschefen, anzeberufen, fir Konzepter ze diskutéieren a fir Léisungen an där aktueller Kris ze fannen.**

D'ADR bedauert och, datt de Chef vun der Lëtzebuerger Diplomatie, den Här Jean Asselborn, sech ëmmer nees zu ëffentlechen, verbalen Entgleisungen géintwärt aneren europäesche Politiker hiräisse léisst. Dat jénkste Beispill si seng Kommentaren op der däitscher Televisioun iwwer de Premierminister vun der Ungarescher Republik, den Här Viktor Orban.

- **Grad am Kader vun der Lëtzebuerger Présidence wär eiser Meinung no hei méi diplomatesch Retenue ubruecht.**

D'Positioun vun der ADR betrëfft dräi Situatiounen:

- A) Situatioun vun dene Leit, déi Asyl froen, a vun de Krichsflüchtlinger (no der Genfer Konventioun) an hiren Accueil zu Lëtzebuerg
- B) Europäeschen an internationale Kader
- C) Internationale Kader a Prozeduren

A) Situatioun vun dene Leit, déi Asyl froen, a vun de Krichsflüchtlinger (no der Genfer Konventioun) an hiren Accueil zu Lëtzebuerg

- A1) D'ADR bekennt sech kloer zum Asylrecht, sou wéi et an dene relevanten, internationale Konventiounen festgeluegt ass. Verfollegt Mënschen hu Recht op Schutz a Lëtzebuerg soll houg sinn, fir als fräit an demokratescht Land kënnen esou Leit ze hëllefen.
- A2) Aus praktesche Grënn a fir geféierlech Reesen ze verhënneren, ass d'ADR der Meenung, datt, esou wäit wéi méiglech, Asyldemanden scho sollten an den Ambassaden vun den europäesche Staaten am Ausland kënnen gemaach ginn an och schonn do sollten, an enger éischer Phas, administrativ bearbecht ginn.
- A3) D'ADR schwätzt sech fir eng korrekt a mëschwierdeg Behandlung vu Leit aus, déi an der Europäescher Unioun Asyl froen. Déi humanitär Ethik an Traditioun vun Europa muss och an der Behandlung vun dene Leit däitlech ginn. D'ADR seet all dene Leit Merci, déi bénévolé Aarbecht maachen fir de Migranten ze hëllefen.
- A4) D'ADR begréisst et, wa privat Leit fräiwëlleg offrëieren, fir „demandeurs d'asile“ bei sech opzehuelen, a verlaangt, datt de Staat dofir e legalen a finanziellen Kader schaaft. D'ADR fuerdert awer gläichzäitig och, datt op all eventuell obligatoresch Ennerbréngung vun „demandeurs d'asile“ bei private Leit oder an eidele, private Wunnengen verzicht gëtt.
- A5) D'ADR ënnersträicht, datt Leit, déi verfollegt ginn an dowéinst e Recht op Asyl kënnen beusprochen, an déi, déi sech viru Kricher wëllen a Sëcherheet bréngen, sollen esou behandelt ginn, wéi et an de Genfer Konventiounen an an aneren fir eis gültigen, internationale Konventiounen steet. Zu dem Zweck solle fir d'Krichsflüchtlinge Sëcherheits- a sanitär Zonen geschaf ginn, déi militäresch geschützt ginn. Lëtzebuerg soll bereet sinn, fir bei der Sëcherung vun esou Zonen mat ze wierken. Esou Zonen mussen net op dem Territoire vun der Europäescher Unioun leien. Länner, déi vill

Krichsflüchtlinge bei sech ophuelen, wéi z.B. d'Tierkei, Jordanien oder de Libanon, solle finanziell an och anescht grousszügeg ënnerstëtzt ginn.

- A6) D'ADR ass der Iwwerzeegung, datt Mënschen, déi a Séinout sinn, musse gerett ginn. Si begréisst an ënnerstëtzt dowéinst déi Operatiounen an Initiativen, déi zu dem Zweck vun der EU an aneren am Mëttelmier gefouert ginn. Si seet dene Lëtzebuerger an ONGen Merci, déi sech un denen Operatioune bedeelegen. D'ADR ass där Meenung, datt Leit, déi um Mir gerett goufen, sollen op eng Plaatz bruecht ginn, op där hirt Liewen net a Gefor ass. Dat kann och an eng Sëcherheitszon – conforme zu de Genfer Konventiounen - baussent dem Territoire vun der EU sinn, zum Beispill a Nordafrika oder dem Noen Osten.
- A7) D'ADR schwätzt sech fir e resolute Kampf géint Schlepper a Mënschenhändler aus. Mat alle polizeileschen a juristesche Mëttelen géllt et, kriminell Réseauen ze zerstëieren an hir Memberen ze bestrofen. Um oppene Mier sollen och militäresch Mëttelen agesat ginn an all Transportmëttel sollen – selbstverständlech no der Rettung vun de Leit – zerstëiert ginn.
- A8) D'ADR ass där Meenung, datt déi Leit, déi praktesch keng Perspektiv hunn, fir jeemools nees kënnen an hiren Hierkonftslänner Fouss ze faassen, prioritär sollten an Europa opgehall ginn. Dat géllt besonnesch fir verschidde reliéis Minoritéiten, wéi z.B. Chrëschten oder Jesiden aus dem Noen Osten. Déi europäesch Länner hunn och e legitimt Recht, fir drop uecht ze dinn, datt déi Leit, déi Asyl kënnen kréien, sech kënnen relativ liicht an hir respektiv Gesellschaft integréieren. Dat géllt un éischer Plaz fir Chrëschten.

B) Europäeschen an internationale Kader

- B1) Niewt Leit, déi verfollegt ginn an dowéinst e Recht op Asyl kënnen beusprochen, an denen, déi sech viru Kricher wëllen a Sëcherheet bréngen op där enger Säit, hu mer eng Kategorie vu Leit, déi eng Migratioun an Europa aus haaptsächlech economesche Grënn ustriewen, op där anerer Säit. An den Aen vun der ADR kann esou eng wirtschaftlech Migratioun op kee Fall op illegalem Wee geschéien an dann och nach fir gutt befonnt ginn. Fir d'Immigratioun an Europa an op Lëtzebuerg gëtt et legal Weeër a Prozeduren, déi mussen agehal ginn. Wirtschaftsmigranten, déi net op legalem Wee an Europa kommen, hu kee Recht op Asyl oder op e Bleiwen an der EU a mussen esou séier wéi méiglech zrëck an hir Länner.

-
- B2) D'ADR ass der Meenung datt prinzipiell kee Memberstaat vun der EU – och net Däitschland – kann eesäiteg decidéieren, datt europäesch Directiven a legal Prozeduren ausser Kraaft gesat sinn. Dat eesäitegt däitscht Handelen duerch d'Ausserkraaftsetzen vun den Dublin- a Schengen-Regelen, schaaft awer elo fir d'Zukunft dat selwecht Recht fir all anere Memberstaat. D'ADR bedauert besonnesch och, datt déi däitsch Decisiounen de Migratiounseffekt nach däitlech verstärkt hunn („effet aspirateur“) a stellt domat eng Haaptverantwortung vun Däitschland fir verschiddener vun denen aktuellen Entwécklung fest.
- B3) D'ADR verlaangt d'Enregistréierung an d'Kontroll vun alle Persounen, déi op den Territoire vun der EU kommen. Nëmmen esou kënnen déi legitim Sëcherheetsinteressien vun den europäesche Staate geschützt ginn. D'ADR begréisst déi Moosnamen, déi Ungarn an dem Sënn getraff huet, a verlaangt, datt Ungarn, Griicheland, Spuenien an Italien besonnesch gehollef kréien fir d'Migranten kënnen ze enregistréieren an - am Interessi vun der Sëcherheet vun allen europäesche Staaten – och ze kontrolléieren.
- B4) D'ADR ass géint obligatoresch Quoten fir d'Verdeelee vu Flüchtlinge, well dat geng heeschen, datt d'Staaten misste Moosnamen huelen, fir déi Flüchtlingen, déi si zougewise kriiten, eventuell och géint denen hirem Wëllen op hirem Territoire kënnen festzehalen. A verschiddene Länner géng dat noutgedrongen zu der Ariichtung vu Lagere féieren, wat fir verschidde Länner absolut net akzeptabel ass. Hei sief däitlech op déi historiesch Erfahrungen vu Polen an aneren zentral- an osteuropäesche Länner verweisen.
- B5) D'ADR ass fir e Bäibehale vum Schengen-Système, verlaangt awer Nobesserungen. D'Souveränitéit vun de Staate muss besser respektéiert ginn, déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit muss kënnen méi liicht bekämpft ginn an illegal Migranten musse och kënnen u Bannegrenzen ofgewise ginn. D'ADR ass och prinzipiell fir d'Bäibehalen vum Système vun Dublin am Beräich vum Asylrecht – quitte datt och dee Système muss deelweis iwwerschafft ginn, fir méi Solidaritéit mat de Süd- an de Balkanstaaten an der EU ze weisen.
- B6) D'ADR ass dofir, datt Lëtzebuerg an d'EU diplomatesch bei den islamesche Staaten intervenéieren, besonnesch och bei dene räiche Golfstaaten, fir datt si méi Réfugiéën ophuelen.
-

B7) D'ADR ass dofir, datt d'EU zëssammen mat den USA a Russland nei diplomatesch Initiativen hëllt, fir verschidde Konflikter ze léisen. Dozou gehéieren och en Dialog mam Iran, der Tierkei a mat Saudi-Arabien iwwe de Konflikt a Syrien.

C) Prozeduren

- C1) D'ADR ass d'accord fir a verschiddenen afrikanesche Länner, op den Transitrouten, Plazen anzeriichten, op denen méiglech Migranten sech kënnen enregistréiere loossen, soulaang domat keen a priori Recht verbonnen ass fir an Europa ze kommen. Hir Demande soll awer kënnen dann un déi respektiv Ambassade viru geleet ginn an do sou séier wéi méiglech bearbecht ginn.
- C2) D'ADR fuerdert, datt déi finanziell a materiell Leeschtungen fir Leit, déi an enger Asylprozedur sinn, europawäit standardiséiert ginn. Dat selwecht gëllt, esou wäit wéi méiglech, fir d'Dauer vun de juristesche Prozeduren. No Schwäizer oder holländeschem Vorbild misst probéiert ginn, fir déi Prozeduren an enger Woch ofzeschléissen. Mir müssen den „asylum-shopping“ an Europa verhënneren an de Schengener Informatiouns-System zu dem Zweck och besser asetzen..
- C3) D'ADR toleréiert net, wa Leit, déi an enger Asylprozedur sinn, gewalttätig ginn, oder souguer d'Legislatioun oder d'Police an d'Uerdnungsdéngschter vun dem Land an dem se grad sinn, net respektéieren.
- C4) D'ADR fuerdert, datt Leit, déi an enger Asylprozedur sinn a während där Zäit strofffälleg ginn, nach am Laf vun hirer Prozedur ausgewise ginn. Fir dat wäertvoll Rechtsinstrument vum Asylrecht kënnen och a schwéieren Zäiten ze erhalen, ass et wichtig, géint all Mëssbrauch vum Asylrecht virzegoen. Et ass wichtig, fir déi gesellschaftlech Akzeptanz vum Asylrecht ze erhalen.
- C5) D'ADR ass fir eng Vergréisserung vun der Lëscht vun de sécheren Drëttstaaten, eng staark Verkierzung a Vereinfachung vun den Asylprozeduren, eng Reform vun der „assistance judiciaire“, d'Eliminatioun vu Mëssbrauchsméiglechkeeten an der Asylprozedur an eng temporär Aféierung vun enger Visaflucht fir verschidde Balkanlänner, bis garantéiert ass, datt keng Asyldemanden méi vu Leit aus dene Länner kënne gestallt ginn. Dozou gehéiert och de Kosovo. Leit, déi um Enn vun der juristescher Prozedur sinn a keen Asylrecht kruten, müssen esou séier wéi méiglech rapatriéiert ginn, och well si anere Leit a Nout, déi vläicht wierklech e Recht op Asyl hunn, Plazen ewech huelen.

-
- C6) D'ADR ass dofir, Leit, déi ofgewise goufen a sech virun der Police verstoppen, juristesch ze verfollegen, genee sou wéi déi Leit déi hinnen dobäi hëllefen.
- C7) Dat illegalt Areesen vu Leit, déi no enger fir si negativer Asylprozedur fräiwëlleg ausgereest sin oder rapatriéiert goufen, muss penaliséiert an och systematesch verfollegt ginn. D'ADR ass och dofir, Schlepper, déi Leit aus dem Balkanraum op Lëtzebuerg bréngen, endlech ze verfollegen.
- C8) D'ADR verlaangt vun der Regierung, datt si d'Effentlechkeet permanent iwver d'Evolutiounen am Migratiouns- an Asylberäich um Laafenden hält an hir aktuell, komplett a richteg Zuele matdeelt, inklusiv iwver déi verschidde Kategorien vu Prozeduren, d'Ennerbréngung vun dene betraffene Persounen, Käschte fir Staat a Gemengen, an esou virun.